N°4642
Entrée le 19.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 19. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

*„Lëtzebuerger Studente maachen deelweis hir Ausbildung fir den Enseignantsberuff am Ausland. Verschiddener trieden nom Ofschloss net direkt an de Lëtzebuerger Enseignement an, mee sammelen als éischt Beruffserfarung als Enseignant am Ausland. Wa si no e puer Joer op Lëtzebuerg zeréckkommen, fir hei am Enseignement fondamental ze schaffen, stellt sech d'Fro, wéi dës Beruffserfarung am Ausland bei hirem Beruffswee zu Lëtzebuerg berücksichtegt gëtt.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend folgend Froe stellen:*

1. *Mussen Enseignanten, déi hir Ausbildung am Ausland, beispillsweis an der Schwäiz, ofgeschloss hunn an do schonn no hirem Studium als Enseignant geschafft hunn, bei engem Retour op Lëtzebuerg de reguläre Concours bestoen an de Stage als Fonctionnaire absolvéieren? A wéi engem Mooss gëtt hir Beruffserfarung beim Zougang zum Lëtzebuerger Enseignement berücksichtegt?*
2. *Ënner wéi enge Konditioune kann déi am Ausland gesammelt Beruffserfarung zu enger Reduktioun vum Stage féieren, a wéi gëtt dës Reduktioun konkret berechent? Wéi eng Noweiser mussen déi betraffe Persounen dofir virleeën?*
3. *Wéi gëtt eng Reduktioun opgrond vun der Beruffserfarung behandelt, wann déi betraffe Persoun schonn duerch Stagen am Kader vun hirer Initialausbildung Usproch op eng Reduktioun huet? Kënnen déi zwou Forme vun Unerkennung mateneen kombinéiert ginn, oder bleift an alle Fäll eng Mindestdauer vum Stage bestoen?*
4. *Wéi gëtt déi am Ausland gesammelt Beruffserfarung nom Stage zu Lëtzebuerg bei der Festleeung vun der Anciennetéit an der Remuneratioun unerkannt? Gëtt déi ganz Dauer vun der relevanter Beruffserfarung ugerechent?*
5. *Gëtt et bei der Unerkennung vun der Beruffserfarung Ënnerscheeder jee no Land, Schoulsystem oder Statut, an deem déi betraffe Persoun geschafft huet, notamment tëscht engem EU-Memberstaat an engem Drëttstaat?*

6. *Wéi eng konkret Demarchë mussen déi betraffe Persoune maachen, fir hir Beruffserfarung fir d'Reduktioun vum Stage respektiv fir hir Anciennetéit a Remuneratioun unerkennen ze loossen, a wéi eng Fristen an Dokumenter sinn dobäi ze respektéieren?"*

Mat déiwem Respekt,

Corinne CAHEN
Deputéiert